
[Headlines](#) - News

# CCC: Kritik u geplangter Chatkontroll



*© unsplash.com*

**Dem Chaos Computer Club géif déi geplangten Chatkontroll e risegen Aschnëtt an d'Privatsphär vun de Bierger duerstellen.**

D'EU-Kommissioun soll eng sougenannten "Chatkontroll" plangen. Dat fir aktiv géint Kannermëssbrauch virzegoen. Wéi de Chaos Computer Club (CCC) Lëtzebuerg an engem Communiqué matdeelt, solle grouss Plattformen ewéi Facebook, WhatsApp, Instagram an Telegram an Zukunft gezwonge sinn d'Noriichte vun hiren Notzer reegelméisseg automatesch ze duerchliichten an un eng nei EU-Agence weiderzeleeden. Dës Agence soll d'Noriichten da kontrolléieren.

Den CCC kritiséiert dëse Plang vun der EU-Kommissioun nawell ferm. Dëse wier e risegen Aschnëtt an d'Privatsphär vun de Bierger duerstellen. Well d'Weiderschécke vun den Noriichten automatesch passéierte soll, géifen d'Leit d'Kontroll doriwwer geholl kréien, mat wiem si hier Donnéeën deele wëllen. Dobäi wier eng vertrauenswierdeg Kommunikatioun eng wichteg Basis vun der IT-Sécherheet.